


Dem Luc säi Gebuertsdag a
Gott säi Kaddo fir DECH.

An zwee Deeg ass et esou wäit: De Luc huet

# GEBUERTSDAG!



Dem Luc seng Bomi sicht e ganz spezielle Kaddo fir hien. Si fënnt endlech eppes, wouriwwer de Luc sech bestëmmt freeë wäert.



Si wéckelt de Kaddo an a bënnt eng blo Schläif ronderëm, well blo dem Luc seng Liblingsfaarf ass. Pünktlech fir d'Gebuertsdagsfeier steet dem Luc seng Bomi virun der Dier. D'Gebuertsdagskand mécht op a si gratuléiert him häerzlech. Si stellt de Kaddo mat der bloer Schläif bei déi aner Kaddoen op den Dësch..










De Luc paakt opgereegt seng Kaddoen aus. Hie krut en neit Spill, dat hien natierlech direkt ausprobéiert.




Hien huet der Bomi hire Kaddo komplett vergiess. Si tippt him op d'Schëller a freet:

"Wëlls du mäi Kaddo net auspaken?"

De Luc kuckt kuerz an äntwert:

„Maachen ech herno."



D'Zäit vergeet, mee de Luc ass vill ze beschäftegt, fir un de Kaddo ze denken. Dann erënnert seng Mamm hien drun:

"Pak dach der Bomi hire Kaddo aus!"

Mee de Luc seet just:

„Ech hu keng Loscht méi."

Owes läit de Kaddo mat der bloer Schläif nach ëmmer agewéckelt um Dësch. Dem Luc seng Bomi geet traureg heem.



# Weess du schonn, datt Gott de gréisste Kaddo fir dech huet?

Gott huet dech gär - souguer méi wéi dem Luc seng Bomi hiren Enkel gär huet! Dat ass, wat d'Bibel seet. D'Bibel ass Gott säi Wuert.








Mee Gott ass och gerecht. Hie muss eis fir déi vill béis Saachen, déi s du an ech gemaach hunn, bestrofen.

Schlecht Saache sinn zum Beispill:

- Ligen
- Näid
- frech sinn,
- klauen, ...

D'Bibel nennt dat Sënn. Eigentlech mussen du an ech fir eis Sënne stierwen. Mee Gott huet eng Léisung ...

Gott huet der Welt seng Léift op dës Manéier gewisen: Hien huet säin eenzege Jong hierginn ...

D'Bibel – D'Evangelium vum Jean Kapitel 3, Vers 16a (BfL)

Fir deng a meng Sënnen ass de Jesus Christus, Gott säi Jong, um Kräiz gestuerwen!



... fir datt jiddereen, deen un hie gleeft, net verluer geet, mee éiwegt Liewen huet.

D'Bibel – D'Evangelium vum Jean Kapitel 3, Vers 16b (BfL)

Wanns du dat gleefs, muss Gott dech net méi bestrofen - well de Jesus fir alles, wat s du gemaach hues, bezuelt huet. Dëst ass Gott säi grousse Kaddo fir dech a fir mech. Du muss et just unhuelen!



# Wéi kanns du de Kaddo vu Gott „auspaken"?



Schwätz mat Gott a so him, wat
s du Béises gemaach hues.
D'Bibel nennt dat: bieden.

So him Merci, datt
den Här Jesus fir
dech gestuerwen ass.



Da kanns du ganz
glécklech sinn, well
Gott dir verzien
huet!





Wa mir eis Sënnen zouginn,
dann ass hien trei a gerecht: Hie verzeit eis
d'Sënnen a rengegt eis vun all Ongerechtegkeet.

D'Bibel – 1. Jean Kapitel 1, Vers 9 (BfL)




Gott waart op dech, datt s du endlech säi Kaddo unhëls. Verschib et net wéi de Luc!





An dësem Heft si vill Kaddoe gezeechent.
Kanns du se all fannen?
Wéi vill sinn et der?

______________________________

(D'Léisung fënns du op der leschter Säit.)

## Hei kanns du däi Kaddo an denge Liblingsfaarwe molen:



Komm mat op dem Luc seng Gebuertstdagsfeier. Gott huet och e Kaddo fir dech.

www.frai-evangelesch-gemeng.com

www.gbv-dillenburg.de | www.gbv-online.org

GBV 208 5580 The Gift Luxembourgish

© 2024 by GBV Dillenburg GmbH – Léisung vum Rätsel: 8
Noweis vun de Biller: © Adobe-Stock/adobe-stock.de